# Géisdrefer LANTER

2023 / 01 | INFORMATIOUNSZEITUNG VUN DER GEMENG GÉISDREF



# SOMMAIRE



## IMPRESSUM

Éditeur responsable:
Administration communale de Goesdorf

Rédaction:
Claude Nesser, Sandy Floener

Coordination et traduction:
Sandy Floener

Cover Photos:
Claude Gilson

Photos:
Romy Schouten

Design:
Zoë Mondloch

Mise en page:
brain&more
agence en communication

Impression :
Print Solutions
750 exemplaires

PacteClimat EUROPEAN ENERGY AWARD
Ma commune s'engage pour le climat

04-07 Kommunikatioun

08-11 Zefriddenheetsëmfro

12-13 Gemengewalen 2023

14-15 Mobilitéit - Bustransport

16-17 MountainBike Trail Géisdref

18-19 Presentatioun « Hanshaff »

20-25 E Stéck Geschicht

26 Theaterclub „Hexemeeschter“

27 Parkinson Dol / Club Uewersauer

28-29 Välteskiermes Boukels

30-31 Dëschtennis

32 En Dag an der Natur Jeunesse Dol

33 Kulturkommissioun: Botz-Aktioun

34 Rätsel

35 Manifestatiounskalenner

36-39 Foto-Quiz

40-43 Foto-Reportage



# AVIS AU PUBLIC

**Baugeneemegung**
De Schäfferot wollt drop opmierksam maachen, dass fir sämtlech Neibauten, souwéi och fir Ëmbaute vu bestoenden Haiser, oder och Ergänzungen a Renovatiounen, eng Baugeneemegung am Virauser op der Gemeng muss ugefrot ginn.

En Formulaire dofir fannt Dir op eisem Internet-Site.

***Autorisation de bâtir***
*Le collège des bourgmestre et échevins tient à vous rappeler que pour toutes les nouvelles constructions, ainsi que pour les transformations de bâtiments existants, les ajouts et les rénovations, une autorisation à bâtir doit être demandée à la commune avant le début des travaux.*

*Un formulaire de demande est à votre disposition sur notre site internet.*

**Verkéiersreglement**
Mëtt Abrëll ass déi punktuell Upassung vum Verkéiersreglement betreffend dem Schoulcampus „Op der Heckt“ a Kraaft getrueden.

Mir wëllen Iech drun erënneren, dass d’Strooss „op der Heckt“ zu Dol vun do un à sens unique ze fueren ass.

***Règlement de circulation***
*La modification ponctuelle du règlement de la circulation concernant le campus scolaire « Op der Heckt » à Dahl est entrée en vigueur mi-avril.*

*Nous tenons à vous rappeler que la rue « op der Heckt » à Dahl est désormais à sens unique.*

**Post**
D'Aarbechte fir d'Ëmsetze vun de Projetspläng vun der Post fir den Uschloss vun eisen Dierfer un de Glasfaserreseau sinn am Fréijoer 2023 ugelaf.

***Postes et télécommunications***
*Les travaux de mise en œuvre des plans de projet pour le raccordement des villages au réseau de fibre optique ont commencé au printemps 2023.*

# KOMMUNIKATIOUN

## DÉI PRIVILEGIÉIERT MEDIE FIR EIS EXTERN KOMMUNIKATIOUN AM JOER 2023

**Léif Lieser a Lieserinnen,**

**Am Dezember vum leschte Joer huet all Bierger vun der Gemeng déi 1. Editioun vun eiser Gemengenzeitung „Géisdrefer Lanter" kritt. Wéi ugekënnegt, wäert des Zeitung zwee Mol d'Joer un all Boîte verdeelt ginn. Datumer, wéini Zeitunge raus kommen, sinn dëst Joer op Mëtt Mee a Mëtt November festgeluecht ginn.**

**Dës zweet Ausgab enthält Hannergrondartikelen, gemëscht mat Kuerznoriichten, sou wéi Fotoreportagë vu vergaangenen Evenementer.**

**Natierlech bidde mir Iech och eng weider Editioun vum Fotosconcours un a mir wäerten déi richteg Äntwerten an de Gewënner vum 1. Concours bekannt ginn. Berichter iwwert d'Gemengerotssëtzunge sinn a Form vun enger Annexe integréiert. D'Zesummefaassung vun de Sëtzunge sinn an zwou Sprooche verfaasst.**

**D'Géisdrefer Lanter ass nëmmen een Element vu villen, déi mir Iech gäre méi no virstelle wëllen.**




## ENG REI VU GEDRÉCKTEN AN DIGITALEN KOMMUNIKATIOUNS-MEDIEN

### Schoulbichelchen

Déi zweet Ausgab vun dëser Zeitung gëtt Enn August verdeelt. Fir keng Ressourcen ze verschwenden a laut dem Spréchwuert „Ze vill Informatiounen, maachen d'Informatioune futti" beschränke mir d'Verdeelung vun dëser Ausgab ausschliisslech op d'Eltere vun de Schüler. Den Inhalt vum Schoulbichelche gëtt aktualiséiert,

konzentréiert sech awer natierlech op déi schoulesch Aktivitéiten an all Themen, déi direkt oder indirekt domadder zesummenhänken.




# MEDIE VUN DER DIGITALER KOMMUNIKATIOUN

### Internetsite www goesdorf.lu

Den Internetsite wäert weiderhin déi primär digital Informatiounsquell vun der Gemeng sinn. Si enthält déi wichtegst Informatiounen iwwert d'Funktiounsweis vun der Gemeng a vun den Déngschtleeschtungen, déi den Awunner ugebuede ginn.

Mir hunn eis als Ziel gesat, dëst Instrument engem „Redesign" ze ënnerzéien, dat méi staark op eisen neie „Brand Universe" ofgestëmmt ass. Eise Living-Logo wäert am Laf vun der Joreszäit ugepasst ginn. Gläichzäiteg wëlle mir d'Informatioune méi licht a méi angeneem zougänglech maachen.

### D'Facebook-Säit / CommunedeGoesdorf

Och eis Facebook-Säit krut e „refresh". D'Bierger, déi se abonéiert hunn, konnten sech vun engem verännerte Look an engem neie redaktionellen Usaz iwwerzeegen, den dem Geescht vun dësem Medium besser entsprécht. Mir wëllen dës Geleeënheet notzen, fir d'Awunner, déi dësem Kanal nach net bäigetruede sinn, z'encouragéieren dëst ze maachen. Sidd verséchert, mir verspriechen Iech net zouzespamen!




### Den Noriichtendéngscht SMS2CITIZEN

Virun e puer Wochen hutt Dir e Flyer kritt, deen Iech invitéiert huet, dësen Tool ze abonéieren. Dësen huet als eenzegt Ziel nëtzlech an/oder dréngend Informatiounen ze verbreeden.

Fir dëse Medium gëllt dat selwecht Versprieche wéi fir Facebook, mir wäerten nëmme kommunizéiere wann et noutwenneg ass.

### Instagram

Eise Plang geséit vir, dass dëse Medium, dat zu de sozialen Netzwierker gehéiert, am Hierscht agefouert gëtt. D'Posts oder Storye wäerte Besonneschkeete vun Instagram berécksiichtegen a sech op Berichter iwwer vergaangen Evenementer konzentréieren.

### « Hei wëll ech bleiwen »

Mir hale virum Summer eng schéin Iwwerraschung fir Iech bereet, déi eise Slogan ënnersträicht, an hoffen, dass se Iech begeeschtere wäert.

### De Kommunikatiounsservice vun der Gemeng

Wann Dir Froen, Iddien oder Verbesserungsvirschléi zu eiser Kommunikatioun hutt, adresséiert Iech weg un d'Sandy Floener an hier Kolleegen, déi Iech gären zur Verfügung stinn.

Kontakt:
Sandy Floener
839270-21
communication@goesdorf.lu

# COMMUNICATION

## LES SUPPORTS PRIVILÉGIÉS POUR NOTRE COMMUNICATION EXTERNE DE 2023.

***Chère lectrice, cher lecteur,***

***Fin décembre de l'année dernière chaque citoyen de la commune a reçu le 1er exemplaire de notre bulletin communal Géisdrefer Lanter. Comme annoncé, ce magazine sera désormais distribué sous forme d'un toutes-boîtes deux fois par an. Les dates de parution pour l'année en cours ont été fixées à mi-mai et mi-novembre.***

***Cette deuxième édition comprend des articles de fond, mélangés à des brèves, ainsi que des reportages photos d'événements passés. Bien évidemment nous vous proposons aussi une réédition du concours photos et révèlerons les bonnes réponses et le gagnant du premier concours. Les rapports des séances du conseil communal y sont intégrés sous forme d'un encart jeté, les synthèses des séances sont rédigés en deux langues.***

***La Géisdrefer Lanter constitue seulement un élément parmi tant d'autres, que nous souhaitons vous présenter plus en détail.***




## UN ENSEMBLE DE SUPPORTS DE COMMUNICATION IMPRIMÉS ET DIGITAUX

**Schoulbichelchen**

*La deuxième édition de ce support sera distribuée fin août. Dans un souci de ne pas gaspiller les ressources et selon l'adage « Trop d'informations tuent l'information » nous limitons la distribution de cette édition aux seuls parents d'élèves.*

*Le contenu du Schoulbichelchen sera actualisé, mais se concentra évidemment sur l'activité scolaire et tous les sujets, directement ou indirectement liés.*




# *LES SUPPORTS DE COMMUNICATION DIGITALE*

### *Le site internet www goesdorf.lu*

*Le site internet restera la source de renseignement digitale primaire de la commune. Il contient les informations principales du fonctionnement de la commune ainsi que les services proposés aux habitants.*

*Nous nous sommes fixés comme objectif de soumettre cet outil à un redesign, davantage en phase avec notre nouveau Brand Universe. Notre living logo sera adapté au fil des saisons. En parallèle, nous visons à rendre la consultation des informations plus aisée et plus plaisante.*

### *La page facebook /CommunedeGoesdorf*

*Notre page facebook a également été soumise à un refresh. Les citoyens qui y sont abonnés ont pu se rendre compte du changement du look et de la nouvelle approche rédactionnelle, plus en ligne avec l'esprit de ce média. Nous profitons de l'occasion pour inciter les habitants qui n'ont pas encore adhéré à ce canal à le faire sans tarder. Soyez rassurés, nous vous promettons de ne pas vous spamer !*



### *Le service de messagerie Sms2citizen*

*Il y a quelques semaines vous avez reçu un flyer qui avait comme objectif de vous inviter à vous abonner à cet outil, qui a comme seul objectif de diffuser des informations utiles et/ou urgentes.*

*La même promesse que celle de facebook tient pour ce support, nous communiquerons uniquement en cas de nécessité.*

### *Instagram*

*Notre planning prévoit que ce média, faisant parti des réseaux sociaux, verra le jour à la rentrée. Les posts, ou stories, tiendront compte des particularités d'Instagram et seront centrés sur des reportages d'événements passés.*

### *« Hei wëll ech bleiwen »*

*Nous vous réservons une belle surprise avant l'été, qui mettra en valeur notre slogan et espérons qu'elle va vous enchanter.*

### *Le service de communication de la commune*

*Si vous avez des questions, des idées ou des suggestions d'amélioration concernant notre communication, n'hésitez pas à contacter Sandy Floener et ses collègues qui se tiennent à votre disposition.*

*Contact:*
*Sandy Floener*
*839270-21*
*communication@goesdorf.lu*



# ZEFRIDDENHEETS-ËMFRO

Ugangs Januar goufen d'Elteren aus der Gemeng, souwéi d'Léierpersonal an d'Personal aus der Maison Relais perséinlech ugeschriwwen a gefrot, ob si mam aktuelle Schoulhoraire zefridde wieren, oder ob si en aneren Horaire géife virzéien.


Dëst sollt dem Gemengerot e Bild iwwert d'Situatioun bei den Eltere ginn, fir hier Wënsch an Erwaardunge besser kënnen ze verstoen.

D'Resultat vun der Ëmfro ass dem Gemengerot an der Sitzung vum 3. Mäerz 2023 presentéiert ginn.


Fir d'Resultat ze presentéieren, hei nach fir d'éischt Zuele vun de Questionnairen:

| | Verschéckt | Zeréckkomm | Taux de réponse |
|---|---|---|---|
| Elteren | 146 | 70 | 47,9% |
| Maison Relais | 9 | 9 | 100% |
| Léierpersonal | 23 | 11 | 47,8% |
| **TOTAL** | 178 | 90 | 50,6% |

**TOTAL: Elteren + Maison Relais + Léierpersonal**




**Détail Äntwerten vun den Elteren**




Wann ee sech di 90 Äntwert-Formulaire méi am Detail ukuckt, stellt sech raus, datt insgesamt 75,56% vun de befrote Leit sech fir en „traditionellen“ Horaire, ouni Schoulsamsdeger ausgeschwat hunn.

Wann een d'Eltere aleng betruecht, da läit dësen Taux suguer bei 81,43%.

Bei den Elteren woren d'Haaptargumenter, déi och ganz dacks widderholl goufen, wéi folgend:

- D'Kanner hunn nëmme 5 Deeg an der Woch Schoul mat 2 Rou-Deeg
- Samschdes hunn d'Kanner fräi
- Méi Familljen a méi Fräizäit méiglech.

Den 3. Mäerz gouf decidéiert eng Aarbechtssëtzung z'organiséieren fir d'Faisabilitéit vun engem Changement op den „traditionellen Horaire“ ze kontrolléieren. An dëser Sitzung huet sech erauskristalliséiert, datt ee Changement zwar méiglech an och erwënscht ass, awer och Preparatiounszäit verlaangt. Dëst besonneg am Kader

vun der Schoulorganisatioun mat eng neier Opstellung vun den Unterrichtsstonnen, eng nei Organisatioun vum Léierpersonal a vum Edukatiounspersonal vun der Maison Relais ass erfuedert, nei Upassung vum Schoultransport etc. Doduerch bedingt ass et fir d'Schouljoer 2023/2024 net méi méiglech en „traditionellen" Horaire z'applizéieren, also en Horaire ouni Schoulsamsdeger.

Enn Mäerz gouf dem Gemengerot ee vum Schoulsyndikat SISPOLO iwwerschafften Horaire presentéiert. Dësen Horaire géif duerch kleng Adaptatiounen d'Unzuel u Schoulsamsdeger reduzéieren. De Schouldag géif 5 Minutten éischter um 7h40 ufänken a wéi gewinnt bis 12h40 daueren.

Nei beim Schoulhoraire „SISPOLO" wier, dass den C1 keng Schoulsamsdeger méi hätt an dass den C2-4 nëmmen nach 12 Schoulsamsdeger am Schouljoer hätt an dat bei engem Stonneplang vun **07h40 – 11h40**.

D'Schoulkommissioun huet den 18. Abrëll 2023 zu dësem Horaire en Avis favorable ginn an de 27. Abrëll huet de Gemengerot den Horaire am Kader vun der Schoulorganisatioun 2023/2024 ugeholl.

# D'SCHOULZÄITEN FIR 2023/2024

## Cycle 1

| Unité | | | Méinden | Dënschden | Mëttwoch | Donneschden | Freiden |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | 07h40 | 08h35 | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. |
| 2 | 08h35 | 09h30 | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. |
| Paus 1 | 09h30 | 09h40 | 10 Min. | 10 Min. | 10 Min. | 10 Min. | 10 Min. |
| 3* | 09h40 | 09h50 | 10 Min. | 10 Min. | 10 Min. | 10 Min. | 10 Min. |
| 4 | 09h50 | 10h45 | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. |
| 5 | 10h45 | 11h35 | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. |
| Paus 2 | 11h35 | 11h50 | 15 Min. | 15 Min. | 15 Min. | 10 Min. | 15 Min. |
| 6 | 11h50 | 12h40 | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. | 55 Min. | 50 Min. |
| TOTAL | | | 275 Min. | 275 Min. | 275 Min. | 280 Min. | 275 Min. |

* 5x10 Minutten/Woch = 50 Minutten/Woch = 1 Unitéit vu 50 Minutten

## Samschdes fräi

## Cycle 2-4

| Unité | | | Méinden | Dënschden | Mëttwoch | Donneschden | Freiden |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | 07h40 | 08h35 | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. |
| 2 | 08h35 | 09h30 | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. |
| 3 | 09h30 | 10h20 | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. |
| Paus | 10h20 | 10h35 | 15 Min. | 15 Min. | 15 Min. | 15 Min. | 15 Min. |
| 4* | 10h35 | 11h25 | 20 Min. | 20 Min. | 20 Min. | 20 Min. | 20 Min. |
| 5 | 11h25 | 11h45 | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. |
| 6 | 11h45 | 12h40 | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. |
| TOTAL | | | 285 Min. | 285 Min. | 285 Min. | 285 Min. | 285 Min. |

* 5x20 Minutten/Woch = 100 Min./Woch = 2 Unitéiten vun 50 Minutten

## Schoulsamsdeger

| Unité | | | |
|---|---|---|---|
| 1 | 07h40 | 08h35 | 55 Min. |
| 2 | 08h35 | 09h30 | 55 Min. |
| Paus | 09h30 | 09h50 | 20 Min. |
| 3 | 09h50 | 10h45 | 55 Min. |
| 4 | 10h45 | 11h40 | 55 Min. |
| TOTAL | | | 220 Min. |

| 1.Trimester | 2.Trimester | 3.Trimester |
|---|---|---|
| 23/09/2023 | 13/01/2024 | 20/04/2024 |
| 14/10/2023 | 03/02/2024 | 11/05/2024 |
| 11/11/2023 | 02/03/2024 | 08/06/2024 |
| 09/12/2023 | 23/03/2024 | 29/06/2024 |

# ENQUÊTE DE SATISFACTION

*Début janvier, les parents, le personnel enseignant et le personnel de la maison relais ont été contacté par courrier personnel pour leur demander s'ils sont satisfaits des horaires scolaires actuels ou s'ils préféreraient un autre horaire.*


*L'enquête avait pour but de fournir au conseil communal une vue d'ensemble plus précise de la situation existante auprès des parents afin de mieux comprendre leurs souhaits et leurs attentes au niveau de l'application de l'horaire scolaire en particulier.*

*Les résultats ont été présentés au conseil communal en sa séance du 3 mars 2023.*


*Voici quelques chiffres concernant les questionnaires :*

| | **Envoyé** | **Retournés** | **Taux de réponse** |
|---|---|---|---|
| **Parents** | 146 | 70 | 47,9% |
| **Personnel Maison Relais** | 9 | 9 | 100% |
| **Personnel enseignant** | 23 | 11 | 47,8% |
| **TOTAL** | 178 | 90 | 50,6% |

**TOTAL: Parents + Personnel Maison Relais + Personnel enseignant**




**Détails réponses des parents**






*Il résulte des 90 souches de réponses retournées que 75,56% des personnes consultées se sont prononcées en faveur d'un horaire scolaire dit « traditionnel », c'est-à-dire sans samedis scolaires. En considérant uniquement les parents, ce taux s'élève même à 81,43%.*

*Les arguments principaux cités à plusieurs reprises par les parents peuvent se résumer comme suit :*

- *Les enfants n'ont école que 5 jours par semaine et bénéficient de 2 jours de repos (par semaine)*
- *Les enfants sont libres tous les samedis*
- *Possibilités d'avoir plus d'activités familiales et de loisirs.*

*Lors de la séance du 3 mars 2023, le conseil communal a décidé d'organiser une séance de travail afin d'analyser la possibilité de mettre en place un horaire « traditionnel ».*

*Lors de cette séance, il s'est avéré qu'un changement d'horaire est faisable mais qu'en revanche un tel changement nécessite un temps de préparation non négligeable.*

*Cette préparation vise notamment les adaptations nécessaires au niveau de l'organisation scolaire et des leçons d'enseignement, des changements affectant l'organisation du personnel enseignant et éducatif ainsi que des modifications au niveau de l'organisation du transport scolaire etc. Il s'ensuit que, pour l'année scolaire 2023/2024, une adaptation de l'horaire scolaire n'est plus possible.*

*Fin mars, un nouvel horaire scolaire, élaboré par le syndicat scolaire SISPOLO, fut présenté au conseil communal. Cet horaire en projet prévoit une réduction du nombre de samedis scolaires.*

*D'après l'horaire du SISPOLO, les cours d'enseignement fondamental commenceraient 5 minutes plus tôt à 7h40 et se termineraient comme d'habitude à 12h40. La nouveauté réside dans le fait que le cycle 1 n'aurait plus de samedis scolaires et qu'en outre les cycles 2-4 n'auraient plus que 12 samedis scolaires au lieu de 21 samedis d'école à l'heure actuelle, comprenant comme heures de cours la période allant de* ***07h40 à 11h40****.*

*Le 18 avril 2023, la commission scolaire s'est prononcée en faveur de l'horaire « SISPOLO » et en sa séance du 27 avril dernier, l'horaire visé fut approuvé par le conseil communal dans le cadre de l'organisation scolaire 2023/2024.*

# LES HORAIRES SCOLAIRES 2023/2024

## Cycle 1

| Unité | | | Lundi | Mardi | Mercredi | Jeudi | Vendredi |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | 07h40 | 08h35 | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. |
| 2 | 08h35 | 09h30 | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. |
| Pause 1 | 09h30 | 09h40 | 10 Min. | 10 Min. | 10 Min. | 10 Min. | 10 Min. |
| 3* | 09h40 | 09h50 | 10 Min. | 10 Min. | 10 Min. | 10 Min. | 10 Min. |
| 4 | 09h50 | 10h45 | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. |
| 5 | 10h45 | 11h35 | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. |
| Pause 2 | 11h35 | 11h50 | 15 Min. | 15 Min. | 15 Min. | 10 Min. | 15 Min. |
| 6 | 11h50 | 12h40 | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. | 55 Min. | 50 Min. |
| TOTAL | | | 275 Min. | 275 Min. | 275 Min. | 280 Min. | 275 Min. |

* 5x10 minutes/semaine = 50 minutes/semaine = 1 unité à 50 minutes

### Samedi libre

## Cycle 2-4

| Unité | | | Lundi | Mardi | Mercredi | Jeudi | Vendredi |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | 07h40 | 08h35 | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. |
| 2 | 08h35 | 09h30 | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. |
| 3 | 09h30 | 10h20 | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. |
| Pause | 10h20 | 10h35 | 15 Min. | 15 Min. | 15 Min. | 15 Min. | 15 Min. |
| 4* | 10h35 | 11h25 | 20 Min. | 20 Min. | 20 Min. | 20 Min. | 20 Min. |
| 5 | 11h25 | 11h45 | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. | 50 Min. |
| 6 | 11h45 | 12h40 | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. | 55 Min. |
| TOTAL | | | 285 Min. | 285 Min. | 285 Min. | 285 Min. | 285 Min. |

* 5x20 minutes/semaine = 100min./semaine = 2 unités à 50 minutes

### Samedis scolaires

| Unité | | | |
|---|---|---|---|
| 1 | 07h40 | 08h35 | 55 Min. |
| 2 | 08h35 | 09h30 | 55 Min. |
| Pause | 09h30 | 09h50 | 20 Min. |
| 3 | 09h50 | 10h45 | 55 Min. |
| 4 | 10h45 | 11h40 | 55 Min. |
| TOTAL | | | 220 Min. |

| 1.Trimestre | 2.Trimestre | 3.Trimestre |
|---|---|---|
| 23/09/2023 | 13/01/2024 | 20/04/2024 |
| 14/10/2023 | 03/02/2024 | 11/05/2024 |
| 11/11/2023 | 02/03/2024 | 08/06/2024 |
| 09/12/2023 | 23/03/2024 | 29/06/2024 |

# GEMENGEWALE VUM 11. JUNI 2023

## CONVOCATIOUN :

De Schäfferot schéckt op mannst 5 Deeg am Viraus, un all d'Wieler eng Convocatioun mat informativem Charakter, wou den Dag, d'Auerzäit an d'Lokal, an dem d'Wale stattfannen, ugi sënn.

D'Uweisunge fir d'Wieler souwéi d'Lëscht vun de Kandidate fannt Dir op Ärer Convocatioun.

## BRÉIFWAL

Mir wëllen Iech drun erënneren, dass Dir är Demande fir d'Bréifwal **bis spéitstens Mëttwochs, de 17. Mee 2023** op der Gemeng musst areechen, wann Är Convocatioun op **eng Adress a Lëtzebuerg** soll geschéckt ginn.

Dës Demande kennt Dir areechen:

- entweder iwwert déi geséchert staatlech Plattform MyGuichet.lu
- op Pabeier
- op engem virgedréckte Formular, den Dir beim Populatiounsbüro kritt.

D'Convocatioun gëtt vum Schäfferot verschéckt:

- spéitstens de 27. Mee 2023 fir eng Adress a Lëtzebuerg;
- spéitstens den 12. Mee 2023 fir eng Adress am Ausland.

### Entente des Sociétés Goesdorf-Bockholtz

Invitéiert op den

**WALSONNDEG den 11.06.2023**
***am Géisdrefer Sall***

Ab 11:00: Apero an duerno gëtt et eppes Guddes vum Grill.

Mëttes geet et gemittlech weider, bis Resultater kommen a bis an de spéiden Owend ran.
Fir Iessen a Gedrénks ass de ganzen Dag gesuergt.
Mir freeën eis op är Präsens.



# ELECTIONS COMMUNALES DU 11 JUIN 2023

## CONVOCATION :

*Le collège des bourgmestre et échevins envoie, au moins 5 jours à l'avance, à chaque électeur une lettre de convocation à caractère informatif indiquant le jour, les heures d'ouverture et de fermeture du scrutin et le local où l'élection a lieu.*

*Les instructions pour l'électeur ainsi que la liste des candidats sont reproduits sur la lettre de convocation.*

## VOTE PAR CORRESPONDANCE

*Pour les votants par correspondance désirant recevoir les documents pour le vote par correspondance à une* ***adresse luxembourgeoise****, le* ***dernier délai pour les demander est le mercredi, 17 mai 2023****.*

*A cette fin, la demande doit être faite :*

- *soit sur la plateforme étatique sécurisé MyGuichet.lu ;*
- *soit sur papier libre ;*
- *soit sur un formulaire préimprimé à obtenir auprès du bureau de la population.*

*La lettre de convocation sera envoyée par le collège des bourgmestre et échevins :*

- *au plus tard en date du 27 mai 2023 pour une adresse se situant à Luxembourg ;*
- *au plus tard en date du 12 mai 2023 pour une adresse se situant à l'étranger.*




### *Entente des Sociétés Goesdorf-Bockholtz*


*Invite à*

***DIMANCHE DES ÉLECTIONS, le 11.06.2023***
***au centre culturel à Goesdorf***

*A partir de 11h00: Apéritif suivi d'une grillade*

*Nous continuerons l'après-midi jusqu'à l'annonce des résultats et poursuivrons jusque tard dans la soirée.*
*Les boissons et la cuisine sont prévues tout au long de la journée.*
*Nous nous réjouissons de vous accueillir !*






# MOBILITÉIT - BU


## FUERPLÄNG OP MOBILITEIT.LU

Säit September 2022 erhalen d'Gemenge vum Verkéiersministère keng Affiche méi mat de Busfuerpläng. Mir wäerte versichen all Trimester en aktualiséierte Fuerplang an all Bushaischen ze publizéieren. Mir wëllen Iech awer dorop hiweisen, dass et sech dobäi net onbedéngt ëm déi aktuellste Versioun handelt.


Fir sécher ze goen, dass de Busfuerplang stemmt, fannt Dir an de Bushaisercher Plakater mat engem QR-Code, den Iech direkt op de Fuerplang vun der jeeweileger Buslinn op der Internetsäit mobiliteit.lu weiderleet.

Mir bieden Iech, d'Zäiten all kéiers mat Hëllef vum QR-Code ze iwwerpréiwen, fir iwwert méiglech Upassungen oder Chantieren op der Streck informéiert ze ginn, déi méiglecherweis net um verfügbare Busplang am Bushaischen ugi sinn.


## GEBRAUCHSANWEISUNG




- Macht de Fotoapparat op ärem Smartphone op
- Scannt de QR-Code mam Foto-Apparat
- Eng Notifikatioun gëtt affichéiert
- Klickt dës un, fir de Link opzemaachen



- mobilitéit.lu gëtt affichéiert
- Dir kritt den Horaire affichéiert
- Hei fannt Dir all Informatiounen iwwer déi aktuell Fuerpläng, eventuell Retarden, Schantercher oder Ëmännerungen




# STRANSPORT

## LES HORAIRES SUR MOBILITEIT.LU

*Depuis septembre 2022, les communes ne reçoivent plus des affiches d'horaires de bus de la part du Ministère des Transports. Nous essaierons de publier chaque trimestre un horaire actualisé à tous les arrêts de bus.*

*Nous souhaitons toutefois attirer votre attention sur le fait qu'il ne s'agit pas nécessairement de la version la plus récente.*

*Pour être sûr de l'horaire de bus, vous trouvez sur les arrêts de bus des affiches munies d'un Code QR qui vous redirige directement vers l'horaire de la ligne de bus en question sur le site mobiliteit.lu.*

*Nous vous prions de bien vouloir vérifier à chaque fois les horaires de départs à l'aide du Code QR afin d'être informés des éventuels adaptations ou chantiers sur l'itinéraire qui pourraient ne pas être indiqués sur l'horaire disponible à l'arrêt de bus.*

## MODE D'EMPLOI





- *Ouvrez l'appareil photo de votre GSM*
- *Pointez la caméra vers le code QR*
- *Lorsque celui-ci est reconnu, une notification s'affiche*
- *Tapez dessus pour ouvrir le lien*




- *Le site mobiliteit.lu s'ouvre*
- *Les horaires de bus s'affichent*
- *Vous êtes informés des horaires actuels, éventuels retards, chantiers ou changements d'horaires*

# MOUNTAINBIKE GÉISDREF

## *MOUNTAINBIKE TRAIL GOESDORF*



# TRAIL




Start an Zil: Goesdorf
Routentyp: Ronnwee
Distanz: 35,81km
Héichtenennerscheed: +- 250Hm
Schwieregkeet: medium
Konditioun: 4/6
Technik: 3/6

**Link op de Parcours**
***Lien vers le Parcours***

Dës Streck trëfft op d'Antimonminn zu Géisdref, duerch déi och den 2,5km laange geologeschen Erliefnespad „Op der Spur vum Antimon“ féiert (den am Moment néi opgewäert gëtt), an deen mat Informatiounsschëlder iwwert d’Regioun, verschidden Aspekter vun der Geologie an den Ofbau vum Antimon zu Géisdref equipéiert ass.

*Ce circuit rejoint la mine d’antimoine de Goesdorf par où passe également un sentier géologique et de découverte de 2,5km « Op der Spur vum Antimon » (en cours de révalorisation), doté de panneaux informatifs sur la région, sur différents aspects de la géologie et sur l’exploitation de l’antimoine à Goesdoerf.*

## KUCKENSWÄERTES OP DER STRECK

Zu Géisdref kennen Interesséierter déi 1480 erbaute Kierch „Ste-Croix“ mat den dräi Altär, déi 1997 renovéiert gi sinn, bewonneren. Och Denkmaler, déi zu Géisdref an Dol vum Heldentum vun den amerikanesche Befreier zeien, soll Dir Iech net entgoe loossen. Déi ländlech Ëmgéigend schléisst d’Industrie net aus. Sou gëtt zu Géisdref säit der Réimerzäit Antimon (e seelent Metall) a Sëlwer a gerénge Quantitéiten ofgebaut. Am Joer 1935 gouf hei e Weltrekord opgestallt, wou en 52 kg schwéieren Antimonblock fräi geluecht gouf. D‘Minière gouf 1944 zou gemaach.

Fir d‘Mottoradfans gëtt et eng international bekannte Motocross-Piste.

## *A DÉCOUVRIR SUR LA PISTE*

*A Goesdorf, les intéressés peuvent admirer l’église Ste-Croix construite en 1480, avec les trois autels rénovés en 1997. Les monuments témoins de l’héroïsme de libérateurs américains à Goesdorf et à Dahl sont également à ne pas manquer. L’environnement rural n’exclut pas l’industrie. Ainsi, de l’antimoine (métal rare) et de l’argent en petites quantités est extrait à Goesdorf depuis l’époque romaine. Un record mondial y fut établi en 1935 lors de la mise à jour d’un bloc d’antimoine de 52kg. Les gisements furent fermés en 1944.*

*Les passionnés de moto peuvent par ailleurs profiter de la piste motocross de renommée internationale.*

# HANSHAFF

## PEDAGOGESCHE BAUERENHAFF ZU BOUKELS

Den Hanshaff ass e moderne familiäre Mëllechveihbetrieb mat +/- 70 Kéi plus Opzuucht an der drëtter Generatioun. Seid 2019 bidde mir verschidde pedagogesch Aktivitéite passend zu de Joreszäiten iwwert dat ganzt Joer bei eis um Haff un, déi vu mir, Sandra Hans-Leyder, Mamm vun 2 Kanner an diploméiert Erzéierin encadréiert ginn. Bei dësen Aktivitéite leeë mir vill Wäert drop, datt de Kanner d'Landwirtschaft, d'Bewosstsinn fir eis Ëmwelt an och d'Produktioun vun eise Liewensmëttel ob eng spilleresch Aart a Weis vermëttelt gëtt.

## PASSEND ANGEBOT FIR ALL ZILGRUPP

Bei eis erliewen d'Kanner de Bauerenhaff mat all senge Sënner an et gëtt villes ze entdecken. Se léieren d'Landwirtschaft méi no kennen, andeems se eng Hand mat upaken a kommen den Déiere ganz no. Nieft de Kéi zielen zu eisem Haff Kanéngercher, Hénger, Geessen, Päerd an een Hond.

Déi pedagogesch Aktivitéiten si fir all Alter an Zilgrupp. Vun kleng bis grouss ass bei eis jidderee Wëllkomm. Mir entwéckelen déi passend Aktivitéite fir Schoulklassen, Maison Relais'en, Crèchen, Foyeren fir Leit mat enger Behënnerung, Senioren a Jugendlecher.

Dobäi bidde mir och Geburtsdagsfeiere fir Kanner bis 8 Joer un. Hei gi mir Déiere fidderen a maachen eng Schatzsich iwwert den Haff.

**Folgend Theme bidde mir ob eisem Haff un:**

- De Wee vun der Mëllech
- Vum Kär bis bei d'Brout
- Saisonal Aktivitéiten: Äppelwochen (Viz), Ouschteratelier, Niklosnomëtten,...



Nodeems ech 2019 den Zertifikat „Bauernhofpädagogik" gemaach hunn, spezialiséieren ech mech 2023 virun a maachen d'Ausbildung fir „zertifizierte Fachkraft für tiergestützte Interventionen, Therapie, Pädagogik und/oder Förderung" fir an Zukunft mäin Angebot um Haff ausbauen ze kënnen.

Hu dir Froen oder sidd interesséiert ob e flotte Moment bei eis um Haff? Dann mëllt Eech bei eis iwwert Telefon oder E-mail. Mir sinn och ob Facebook ze fannen.

*Foto + Text: Sandra Leyder*



# *FERME PÉDAGOGIQUE À BOCKHOLTZ*



*Le „Hanshaff“ est une exploitation laitière moderne et familiale avec environ 70 vaches et un élevage de la troisième génération. Depuis 2019, nous proposons de diverses activités pédagogiques adaptées aux saisons, organisées et encadrées par moi, Sandra Hans-Leyder, mère de deux enfants et éducatrice diplômée. Nous nous efforçons de sensibiliser les enfants à l'agriculture, à l'environnement et à la production de denrées alimentaires de manière ludique.*

## *DES OFFRES ADAPTÉES À TOUS LES GROUPES CIBLES*

*Les enfants découvrent la ferme avec tous les sens et puissent explorer beaucoup de sujets. Ils apprennent à mieux connaître l'agriculture, ils ont la possibilité de participer à des travaux manuels et peuvent approcher les animaux de plus près. Outre les vaches, vous trouverez des lapins, des poules, des chèvres, des chevaux et un chien sur notre ferme.*

*Les activités pédagogiques s'adressent à tous les âges et à tous les publics. Du plus petit au plus grand, tout le monde est le bienvenu chez nous. Nous développons des activités adaptées pour les classes scolaires, les maison relais et les crèches, les foyers pour personnes handicapées, les seniors et les adolescents.*

*Nous proposons également des fêtes d'anniversaire pour les enfants jusqu'à 8 ans. On y nourrit les animaux et nous organisons une chasse au trésor à travers de la ferme.*

***Les thèmes suivants sont proposés :***

- *Le chemin du lait*
- *Du grain au pain*
- *Activités saisonnières : semaine de la pomme (Viz), atelier de Pâques, après-midi de Saint-Nicolas, etc*

*Après avoir obtenu en 2019 le certificat en pédagogie à la ferme (« Bauernhofpädagogik »), je continue à me spécialiser cette année en suivant la formation de spécialiste certifié pour les interventions, la thérapie, la pédagogie et/ou la promotion protégées par des animaux (« zertifizierte Fachkraft für tiergestützte Interventionen, Therapie, Pädagogik und/oder Förderung ») afin de pouvoir élargir davantage notre offre à la ferme pédagogique.*


*Si vous avez des questions ou si vous souhaitez passer un moment intéressant chez nous, contactez-nous par téléphone ou par e-mail. Vous pouvez également nous retrouver sur Facebook.*

*Photo + texte : Sandra Leyder*

HANS HAFF

Fam. Hans-Leyder
3, am aale Wee
L-9637 Bockholtz

Tel: +352 691 608 847
info@hanshaff.lu
www.hanshaff.lu



De Waassertuerm puer Deeg viru senger Aweiung 1985: un den Ubléck hunn d'Awunner sech als éischt misse gewinnen. (Foto: Luxemburger Wort)


# EE WORZEECHEN ENTSTEET – D'GESCHICHT VUM DEELER WAASSER-TUERM

**Déi mannste Gemenge kënne behaapten, ee richtegt Worzeeche bei sech stoen ze hunn. Natierlech ginn et bekannt Ausnamen: d'Gemeng Buerschent huet hir Buerg, d'Gemeng Esch-Sauer hir Buergruinen. Méi modern Infrastrukturen, déi d'Duerflandschaft prä-gen, si par contre méi rare geséint, zemools am Éislek. Wann een awer duerch d'Gemeng Géisdref fiert, da fält ee Gebai direkt an d'A: de Waassertuerm vun Dol. Ageweit 1985 huet hien iwwer 30 Joer laang de Panorama vun der Gemeng, a virun allem vun Dol, dominéiert.**

D'Waasserversuergung gehéiert zu den Haaptaufgabe vun enger Gemeng. Wärend et hautdesdaags selbstverständlech ass, de Krunn opzedréine fir u fléissend Waasser ze kommen, sou war dat laang Zäit net de Fall. Virun allem d'Dierfer am Éislek haten opgrond vun der hiwweleger Landschaft Krämpes, hier Awunner stänneg mat fléissendem Waasser ze versuergen. Och d'Gemeng Géisdref blouf vun deem Problem net verschount, obwuel se – an dat wësse wuel déi allermannst – 1933 déi alleréischt Waasserleitung aus dem Land installéiert huet, an zwar fir d'Dierfer Dol a Géisdref.[1] Nacher, Buckels a Masseler konnte réischt 1950 dovunner profitéieren. Mat Waasserbehälter, sougenannten Hydrophoren, gouf d'Waasserversuergung komplettéiert. Dëse System war an den 1980er Joren awer net méi zäitgeméiss. Am Luxemburger Wort vum Juli 1982 steet, dass d'Waasserversuergung souguer schonn zanter iwwer 20 Joer „mangelhaft" wier.[2] Dofir goufen et verschidden Ursaachen. Éischtens war de Waasserdrock, den déi am Buedem installéiert Waasserbehälter generéiert hunn, oft net grouss genuch. Dëst war net nëmmen ee Problem fir déi verschidde Stéit uechtert d'Gemeng, mee virun allem och fir déi lokal Pompjeeën. Dobäi koum, dass een duerch déi wuessend Industrie zu Wolz an dem Populatiounszouwuess an der Gemeng selwer, ëmmer méi mam Problem vum Waassermangel konfrontéiert war. Eng Léisung huet missen hier: ee Waassertuerm.

**Am Luxemburger Wort gouf de Projet folgendermoosse beschriwwen:**

„Durch den steten zuwachs der Bevölkerung in der Gemeinde Goesdorf war Anfang der 80er Jahre das Problem einer angepassten Wasserversorgung akut geworden. Nach einer ersten Unterredung zwischen Innenminister Jean Spautz und dem Schöffenkollegium der Gemeinde Goesdorf am 24. September 1980, wurde das Projekt zum Bau eines Wasserturmes in Angriff genommen." [3]



D'Fundament vum Waassertuerm am Joer 1983. (Foto: Tageblatt)

[1] „Wasserversorgung für Generationen gesichert", Lux-Post N° 37, 1985.
[2] „Gemeinde Goesdorf verbessert die Wasserversorgung", Luxemburger Wort, Juli 1982.
[3] „Einweihung eines neuen Wasserturms in Dahl", Luxemburger Wort, 25.10.1985

Ronn fënnef Joer huet et gedauert, de Bau vum Waassertuerm ze plangen an duerch ze féieren. Dobäi war dëst eng deier Affär fir d'Gemeng Géisdref. De Bau vum Waassertuerm huet ronn 17 Millioune Frang kascht. Den Uschloss un d'Waassernetz ongeféier 7,5 Millioune Frang. D'Modernisatioun vun verschiddene waassertechneschen Ausréschtungen nach emol 500.000 Frang.[4] Schlussendlech huet d'Gemeng eng stolz Zomm vun ronn 25 Millioune Frang misse stäipen. Duerch aner Zousazkäschte koum ee schliisslech op 30 Millioune Frang![5] Dat wieren hautdesdaags ronn 750.000 Euro. Och wann de Staat der Gemeng finanziell ënnert d'Äerm gegraff huet, sou huet d'Gemeng iwwer déi nächst 20 Joer all Joers 1,7 Millioune Frang missen zréckbezuelen. Fir dem entgéint ze wierken huet d'Gemeng 1983 beschloss, de Waasserpräis op 30 F/m3 ze hiewen.[6]

Samschdes, den 26. Oktober 1985 war et dunn schliisslech souwäit: de Waassertuerm gouf ageweit. Geplangt gouf den Tuerm iwwregens vum Stater Architektebüro Hoffmann & Schemel, gebaut vun der Ettelbrécker Entreprise François Agnes. Och lokal Betriber goufen an de Projet matabezunn, sou zum Beispill den Deeler Charpentier Goebel. Um Enn huet den Tuerm, deen op enger Unhéicht vu 494 Meter iwwer dem Mieresspigel gebaut gouf, eng Héicht vun 29 Meter erreecht. Domadder léit d'Spëtzt vum Waassertuerm 523 Meter iwwert dem Mieresspigel. De Waasserbehälter am Tuerm ka bis zu 250.000 Liter Waasser späicheren. Domadder konnte lo all Dierfer aus der Gemeng (bis op Bidscht, dat un engem anere Waasserreseau hänkt) ouni Problem mat frëschem Drénkwaasser versuergt ginn. All dës Donnéeë sinn och op enger Plack nieft dem Tuerm veréiwegt. Ausserdeem gouf Wäert drop geluecht, dass de Waassertuerm och an Zukunft seng Aufgaben erfëlle kann.


**„Ein besonderer Dank galt Innenminister Jean Spautz, der bei diesem Bau Weitblick gezeigt und ein Projekt unterstützt hätte, welches den Ansprüchen der Jahre 2000 sicher noch genügen würde.“[7]**

D'Aweiung war dunn och ee grousst Evenement zu Dol. Folgend Leit hunn zu den Gäscht gezielt: de well ugeschwaatenen Inneminister Jean Spautz, den deemolegen Aarbechtsminister Jean-Claude Juncker, d'Norddeputéiert Edouard Juncker, Jean-Pierre Dichter, Marie-Josée Jacobs, Camille Weiler, Charles Goerens a René Hübsch, Vertrieder vum Syndicat DEA (Distribution des Eaux et Ardennes) souwéi d'Membere vum Géisdréffer Schäffen- a Gemengerot. Sëllegen Awunner – jonk ewéi al – hunn der Aweiung bäigewunnt.



[4] „Gemeinde Goesdorf verbessert die Wasserversorgung“, Luxemburger Wort, Juli 1982.
[5] „Goesdorf: Sicherer Blick in die Zukunft“, Tageblatt, 9.9.1987.
[6] „Gemeinde Goesdorf verbessert die Wasserversorgung“, Luxemburger Wort, Juli 1982.
[7] „Einweihung eines neuen Wasserturmes in Dahl“, Luxemburger Wort, 4.11.1985.

Bei senger Usprooch huet den deemolege Buergermeeschter Guillaume „Will“ Lentz betount, wéi wichteg de Waassertuerm ugesiichts vun der stäteg wuessender Gemeng wier. Dem Jean Spautz seng Ried war tatsächlech e bësse méi bedeitend. Deemools goufen et an der Politik nämlech hëtzeg Diskussiounen iwwert de Waasserpräis, dee vu Regioun zu Regioun deelweis enorm geschwankt huet (tëscht 4 an 42 Frang pro Fudder). Sou konnt de Minister dës Aweiung notzen, fier op d’Beméiunge vun der Regierung opmierksam ze maachen, dëse Problem ze léisen. Et wier „d’Flicht vun der Regierung, den Awunner vu Lëtzebuerg een eenheetleche Waasserpräis unzebidden, zemools well Waasser net als Privatbesëtz, mee als Allgemenggudd ze betruechten ass.“[8] No der kierchlecher Seenung duerch de Paschtouer Jos Matghen huet d’Chorale Ste-Cécile Géisdref-Dol ënnert der Leedung vum Raymond Majerus nach e puer Lidder gesongen. Ofgeschloss gouf d’Aweiung mat engem Éierewäin am Géisdrëffer Gemengesall.



Eng deier Affär: de Chantier vum Waassertuerm 1984. (Foto: Luxemburger Wort/John Zeien)

[8] Ibidem.



De Jean Spautz schneit d'Band duerch. Riets vun him de Jean-Claude Juncker, lénks Lentze Will.(Foto:  Républicain Lorrain)



Vill Leit hate sech bei der Aweiung versammelt.(Foto: Lux-Post)




Bei all de positive Wierkungen, déi de Waassertuerm mat sech bréngt, sou goufen et awer och kritesch Meenungen. Virun allem wat dem Tuerm säin Ausgesinn ugaangen ass. Sou stoung puer Deeg no der Aweiung am Tageblatt folgende Kommentar ze liesen:

> „Der 29 m hohe Turm, (...), besticht durch seine originelle, hierzulande wohl einmalige Form (vielleicht hätte man die Verkleidung des Oberteils landschaftsgerechter gestalten können; der etwas brutale Übergang des hochgeschossigen Bauwerks zu den sanft breiten Dorfgebäulichkeiten in unmittelbarer Nähe ist wohl leicht durch das Anpflanzen von adäquaten Baumarten zu überwinden!)“[9]

E bësse méi streng war puer Joer drop een anere Journalist vum selwechte Blat, am Kader vun engem Artikel iwwert de Gemengebudget fir d'Joer 1988:

> „Schade, dass dieser Wasserturm einen großen Mangel an Originalität aufweist.“ [10]

Iwwer Goûte léisst sech bekanntlech streiden. Och ass gewosst, dass d'Architektur aus den 80er net onbedéngt zu den ästheteschste gehéiert. An awer trount den Deeler Waassertuerm nach ëmmer iwwert der ganzer Gemeng. Duerch reegelméisseg Entretienen a Renovatioune wäert hien d'Gemeng Géisdref och an de kommende Joren zouverlässeg mat Waasser versuergen. Ee richtegt Worzeechen eben!

***Text: Jo Diseviscourt***

[9] „Das stolze Wahrzeichen von Dahl“, Tageblatt, 28.10.1985.
[10] „Goesdorf: Sicherer Blick in die Zukunft“, Tageblatt, 9.9.1987.

# THEATERCLUB „HEXEMEESCHTER“

An wat elo? huet et no zwee Joer Paus zu Nacher op der Bün vun den Hexemeeschter geheescht.

De Motto vun dem kuerzen awer lëschtigen 3-Akter dëst Joer war: „Gleef nit ëmmer alles direkt wat's de sou gesäis an héiers.“

Hei ass et emt eng Läich gaangen, déi vum Vera, gespillt vum Krieps Claudine, an dem Ginette, gespillt vum Reis Béa, huet misse virun de verschiddene Leit, déi ongewollt ëmmer rëm an d'Wunneng vum Tom Müller komm sinn, verstoppt ginn. An sou ass eent rasant Verwiesslungs- a Verstopp Spill lass gaangen. Mol war d'Läich do, mol war se rëm fort. Wei dunn nach zwee Polizisten an ee Kommissär opgetruede sinn, ass et brenzeleg gi fir déi zwee, an den Duercherneen ass ëmmer méi grouss ginn. Bis bal zum Schluss, konnten déi zwou Fraen engem richtig leed dinn.

Wei d'Läich awer dunn a Policeuniform an der Dier stoung an déi zwou Fraen als Bankraiber entlarvt huet, war d'Matleed mat hinne séier verschwonnen.

An sou huet alt rëm eng kéier d'Gerechtigkeet d'Iwwerhand behalen.

Des weidere stoungen ënnert dem Eric Bolmer senger Regie de Paquay Fernand, Treff Claude, Crochet Gilles, Paquay Ralph, Biever Carine, Ernzer Jona a May Tamara. An der Flüsterkëscht hate mir d'Keilen Nicole



a Maud Bissen. Fir de Maquillage war Brachmond Maggi zoustänneg.

De Veräin Hexemeeschter Nacher a.s.b.l besteet säit 37 Joer, a mir si stolz op de Wuesstem dee mir mat erliewen, 43 aktiv an engagéiert Memberen. Zwee ganz nei Acteuren (May Tamara a Paquay Ralph) stoungen dëst Joer fir déi éischte Kéier op der Bün, donieft hu mir och an eiser Flüsterkëscht „Nowuess“ (Maud Bissen) kritt. Mir si stolz op all eenzele Member an hoffen déi nächst Joren zesumme kennen sou gutt virun ze schaffen.

An deem Sënn, bis déi nächst Theatersaison.

*Fir d'Hexemeeschter*
*Bolmer Eric*

# PARKINSON LËTZEBUERG, LO OCH AM NORDEN



« Parkinson Luxembourg Asbl » ass eng Selbsthëllefgrupp déi 1991 vu Betraffenen an hirem Ëmfeld gegrënnt ginn ass. Säit 2003 ass d'Associatioun „reconnue d'utilité publique" a representéiert haut ca. 450 Memberen.

2013 huet den « Centre d'information, de consultation et de rencontre La Tulipe » seng Dieren zu Leideleng opgemaach. Den Centre gesäit sech als Treffpunkt fir d'Selbsthëllefgrupp a konzentréiert sech op 3 Pilier'en: Informatioun, Austausch a sportlech Aktivitéit. Vun Ufank un war et der asbl hir Ambitioun och Aktivitéiten an anere Regioune vum Land unzebidden.

Säit November 2023 ass et esou wäit: „Parkinson Luxembourg asbl" bitt Aktivitéiten am Norden, méi genau zu Dol an der Gemeng Géisdref un. Genau wéi am „Centre La Tulipe" gëtt hei probéiert, déi betraffe Familljen iwwert dës neurodegenerativ Krankheet ze informéieren an an engem gemittleche Kader den Austausch tëschent de Betraffenen ze ënnerstëtzen. D'sportlech Aktivitéite bestinn aus enger Seance Gymnastik mat enger spezialiséierter Kiné vum „Parkinson-Net Luxembourg" an enger Seance Parkinson-Boxing.

Ziel ass et, zesumme géint d'Krankheet unzegoen an sech géigesäiteg ze ënnerstëtzen.

Rendezvous ass all Méindes (ausser Feier- a Bréckendeeg) ab 15 Auer an der neier Primärschoul. Méi Informatioune kritt Dir ënnert der Nummer 23698451 oder per mail iwwert info@parkinsonlux.lu

PARKINSON LUXEMBOURG

## Club Uewersauer Newsletter

D'Fréijoer steet an de Startlächer an domat och de neie Fréijoers- a Summerprogramm fir d'Méint Mee bis August 2023.

Fir eis Offer verbesseren ze kennen, hu mir e Newsletter erstallt. Dësen erméiglecht eis, iwwert de fixe Programm eraus, den oft scho Méint am viraus geplangt ginn ass, weider Aktivitéiten, oder Iech nach fräi Platzen am bestoende Programm unzebidden.

Hu Dir Loscht nei Leit kennen ze leieren, flott Gespréicher ze feieren oder un Ausflich deelzehuelen, da mellt Iech fir de Newsletter un.

**Kontakt:**
Club Uewersauer
39, rue Flebour L-9633 Baschleiden
Tel.: 27 40 27 80
GSM/Whatsapp: 621 82 65 36
Email: clubuewersauer@i-a.lu
www.clubuewersauer.lu

Club Uewersauer

# VÄLTESKIERMES MAT KËNNBAKE ZU BOUKELS

**Fir déi mëttlerweil 31. Kéier gouf den 12. Februar 2023 zu Boukels, zu Éieren vum hellege Välten, d'Välteskiermes mat Kënnbakestee, Pilgermass a Mëttegiesse gefeiert.**





Dëst Fest huet dobäi Wuerzelen, déi däitlech méi wäit zréck gi wéi just bis an d'1990er Joren. Schonn 1741 soll eng éischte Kéier ee Patronatsfest zu Éieren vum hellege Välte gefeiert gi sinn. Deemools si sëllege Leit fir de 14. Februar op Boukels gepilgert an hunn verschiddensten Affer matbruecht. Besonnesch beléift waren do och scho virun 282 Joer, nieft aneren Naturalien, hallef Schwéngskäpp, also Kënnbäk. Des Affer sollten dobäi Haus, Stall an d'Felder viru Ploen a Krankheete schützen.

Nodeems des Traditioun awer no an no a Vergiessenheet geroden ass, ass 1993 op Initiativ vum deemolege Paschtouer Erny Wampach, eng éischte Kéier, no laanger Zäit, rëm eng Välteskiermes zu Boukels gefeiert ginn. Heibäi goung et awer vun Ufank un virun allem dorëms, d'Duerfleit zesummen ze bréngen an zesummen ze feieren. Mëttlerweil gëtt dat ganzt vun de Vältesfrënn (déi e puer Joer no der éischter Editioun gegrënnt goufen) an Zesummenaarbecht mat der Jeunesse Géisdref-Boukels organiséiert. Besonnesch war



# STEE



bei dëser Editioun wuel virun allem d'Annonce, dass d'Välteskiermes mat Kënnbakestee Deel vum Patrimoine culturel immatériel vu Lëtzebuerg soll ginn.

No der Mass, gehale vum Paschtouer Marco Wehles, zesumme mam Festpriedeger Abbé Martin Molitor, goufe Kënnbak, Judd, fetten a more Speck vum Ausriffer Aly Weicherding versteet. Wéi all Joer waren och eng sëllege Politiker dobäi. Des waren och sécher net nëmmen op der Sich no Stëmmen, mee och no traditionellen Delikatesse vum Schwäin.



Weider goung et fir eng 250 Leit, déi sech fir d'Iessen an der ausgebuchter Scheier vun der Famill Pinon gemellt haten, mat Rëndfleeschbriktzopp, gekachter Ham a Speckgromperen, Saubounen, Zalot an Taart a Kaffi. De ganzen Nomëtten iwwer huet de Jos Schartz fir de musikaleschen Encadrement gesuergt. Bis an de spéiden Owend gouf et Hameschmieren, Kuch, Taart, Kaffi an deen een oder anere Mini.



Wéi all Joer war den Erléis fir ee gudden Zweck.

*Text: Val Weicherding / Fotoen: Ketty a Rom Hankes*




# TOPSPIN AN BACK-SPIN UM TURNÉIER VUM DT NACHER

Mat insgesamt 217 Inscriptiounen an 9 Kategorie war den 1 Turnéier vum DT Nacher méi wéi erfollegräich. Spiller vun 32 Veräiner aus dem ganze Land haten de Wee op Dol an déi nei Sportshal fonnt an hunn un deene verschiddene Kategorien Deel geholl.

Duerch den neie Schoulkomplex op der Heckt zu Dol mat enger grousser Sportshal huet den DT Nacher Méiglechkeet kritt den 1 Turnéier op Been ze stellen.

Iwwert de ganzen Dag war den Turnéier gutt besicht. Vill Léit aus eiser Gemeng, an eng sellige Begleet-persoune vun de Spiller haten de Wee an d'Sportshal fonnt, an hunn opmierksam déi verschidde Matcher gekuckt.

An enger spannender Finall tëschent dem Sarigiannidis Spyros an dem Reisen Vasco ass dann en ganz gelongenen Dag op en Enn gaangen.

En grousse Merci gëllt all deene Leit déi mat gehollef hunn dësen Tournoi ze organiséieren an de Memberen déi de ganzen Dag iwwer en gudde Maufel an en Patt zerwéiert hunn.




Dee letzte Merci geet awer un eis Sponsoren an un Gemeng Géisdref. Ouni hir Hëllef wär dësen Tournoi néck méiglech geweest.

Den DT Nacher freet sech lo schonn op säin zweeten Tournoi.

# SPILLS DU GÄREN DËSCHTENNIS?

**Da komm bis laanscht luussen!**

**Wou?** Zu Dol an der Sportshal

**Wéini?** Dënschdes an Donneschdes vun 18:00-19:00 Auer

**President/Sekretär:** PEIFFER Jeff,
12, op der Heckt L-9644 Dahl Tel.: 691 478 686

**Responsabel fir Dammen a Kanner**
KEILEN Marc, 33, Nacherstrooss
L-9674 Nocher-Route Tel.: 691 145 080

De Veräin gouf de 14. Mäerz 1988 vu folgende Memberen ënnert dem Numm Dësch-Tennis Nacher gegrënnt:

**Lucien Deckenbrunnen, Charel Elcheroth, Tom Elcheroth, Aloyse Greter, Johny Hermes, John Hermes, Romain Lentz, Jean-Paul Mathay, Marianne Michels –Jans, Léon Rentmeister, Marcel Rasqué, Jos Siebenaler an Arthur Schockmel.**

Aktuell besteet de Club aus 34 aktive Memberen.

Seid 25 Joer bedeelegt sech den DT Nacher um lëtzebuergeschen Ekippechampionnat wou mir an der lafender Saison 2022/2023 mat 4 Ekippe spillen.

Déi éischt Ekipp spillt an der véierter Divisioun, genausou wei déi zweet Ekipp. Déi drëtt Ekipp spillt an der fënnefter Divisioun an déi véiert Ekipp (eis jéngste vum Veräin) an der Divisioun 5B.

Souwäit zu eiser klenger Geschicht, zu eisem kléinge Veräin wou Spaass a Mënschlischkeet trotz ville Kanten a Nëtzbäll nach ëmmer Virrecht hunn.

*Text: Jeff Peiffer*






# En Dag an der Natur


*natur&ëmwelt et ses partenaires organisent depuis 20 ans la campagne « En Dag an der Natur ».*


*Entre le 1er avril et le 31 août 2023 natur&ëmwelt organise en collaboration avec ses partenaires la 26ième édition de la campagne «En Dag an der Natur». L'objectif de la campagne est de réveiller l'intérêt d'un grand nombre de personnes pour la nature et de leur offrir la possibilité de connaître la beauté des paysages, de la faune et de la flore qui nous entoure.*

*L'édition 2023 du «En Dag an der Natur» se compose de 300 activités organisées par plus de 100 acteurs du terrain. Le programme complet est disponible en ligne : https://www.naturemwelt.lu/en-dag-an-der-natur-2023/ ou en scannant le Code QR ci-joint*

En Dag an der Natur_FR





# GRILLMËTTEG

Hallo léif Leit,
Jeunesse Dol ass frou iech matzedeelen,
dass mir dëst Joer déi éischt Versioun vum Grillmëtteg organiséieren.

**Den Grillmëtteg fënnt den 06. August zu Dol am Preo statt.**

**Apéritif ass ab 11h30**

Mir freeën eis op iech,
är Jeunesse Dol

# Botz-Aktioun – Eis lokal Pied nei entdecken

An eiser schéiner Gemeng gëtt et och nach schéi lokal Pied.

D'Kulturkommissioun zesumme mam Syndicat d'Initiatives vun der Gemeng Géisdref organiséieren, a Kooperatioun mat „#Lëtz botz" an „The Pickies" e flotten Dag, wou mir zesummen eis Pied (erëm-) entdecken an de Knascht oprafen.

Duerno gëtt et selbstverständlech e Patt an e Maufel zu Dol am Schoulhaff.

Wéini?

**Sonndes, den 2. Juli 2023**

Weider Detailer kommen no.

## Éischt Hëllef Cours



En Accident kann zu jidderzäit geschéien a jiddereen kann Affer oder Zeie ginn. Dofir ass et ëmsou méi wichteg e puer Grondkenntnisser am Beräich vun der 1. Hëllef ze hunn. Sitt Dir interesséiert un engem 1. Hëllef Cours deelzehuelen ? Da mellt Iech op der Gemeng !

Kontakt: communication@goesdorf.lu

## Champignon-Wanderung

Hutt Dir Loscht an de Bësch Champignone sammelen ze goen, traut Iech awer net, well Dir Iech villäicht net gutt genuch auskennt? Dann deelt eis gären Ären Interessi mat, sou dass mir eng guidéiert Wanderung organiséiere kennen!

Kontakt: communication@goesdorf.lu



# RÄTSEL

| | | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | 2 | 3 | | ■ | 4 | 5 | 6 | 7 | | 8 | 9 | 10 |
| 11 | | | ■ | | 12 | | | | ■ | 13 | | |
| 14 | | | ■ | ■ | 15 | | ■ | 16 | 17 | | | ■ |
| | | | 18 | 19 | ■ | 20 | | ■ | 21 | | | ■ |
| | ■ | ■ | 22 | | 23 | | ■ | 24 | | ■ | 25 | 26 |
| 27 | 28 | 29 | ■ | 30 | | | ■ | 31 | | | | |
| | | ■ | 32 | | | ■ | 33 | | | ■ | ■ | ■ |
| | | 34 | | | | 35 | | ■ | | 36 | ■ | 37 |
| ■ | 38 | | | ■ | ■ | | ■ | 39 | | | 40 | |
| 41 | | | | 42 | ■ | | 43 | ■ | 44 | | | |
| 45 | | ■ | 46 | | 47 | | | ■ | 48 | | | |
| | ■ | 49 | ■ | 50 | | | | ■ | | ■ | | |
| 51 | 52 | | | ■ | ■ | | ■ | ■ | 53 | 54 | | |
| 55 | | | ■ | 56 | 57 | ■ | 58 | 59 | ■ | | | ■ |
| 60 | | ■ | 61 | | | 62 | | | ■ | | ■ | 63 |
| ■ | 64 | | | | | | | | ■ | 65 | 66 | |

| 6 | 53 | 26 | 24 | 1 | 45 | 5 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | | | | | | |

## WAAGERECHT

1 Planet
4 Schlangenart
11 Papagei
12 VIP
13 Fischart
14 w.Schwein
15 Abk. Tennisclub
16 Ort Luxbg.
20 Edelgas
21 Abk: Religion
22 Vogelart
25 Abk:altes Testament
27 Abk: Lastwagen
30 selten
31 Trip
32 Fragewort
33 Hausflur
38 nord.Göttin
39 bek.lux.Triathlet
41 früherer Bürgermeister Goesdorf
44 frz: schwarz
45 frz: Gold
46 Muskelorgan im Mund
48 Kreuzesinschrift
50 freches Mädchen
51 darum
53 Zahl
55 frz: Gans
56 Spielkarte
60 Abk: Normalnull
61 Mehrzahl
63 Kfz Zeichen BRD
64 Gemeinde in Luxbg.
65 Berliner Eckensteher

## SENKRECHT

1 Ort Luxbg.
2 Benzinsorte
3 Zimmer
4 Sorte
5 Ort Luxbg.
6 an dem
7 engl: Kind
8 nicht weit entfernt
9 Stadt USA/Kennedy
10 Abk: Aluminium
17 Fussballweltmeister
18 pers. Fürwort
19 Güter
23 Geldinstitut
24 durcheinander
26 Abk: Tellur
28 Gerät zum Erhitzen von Speisen
32 Ardennenhauptstadt
33 Span Fürwort
34 Barbie und ....
35 Teil vom Hemd
36 farbloses giftiges Gas
37 Staat in Vorderasien
40 Manege frei !!??
41 brit. Hauptstadt
42 frz: train
43 Fragewort
47 engl: Nein
49 frz: Strasse
52 Fingerschmuck
54 Naturgeist
56 dtsches Pronomen
57 Kochwasser
58 Nachtlokal
59 TV Ausserirdischer
62 auto Kzn für Rumänien
63 Adelsprädikat

# MANIFESTATIOUNSKALENNER 01.05.2023 BIS DEN 31.12.2023

| DATUM | | VERÄIN | UERTSCHAFT |
|---|---|---|---|
| 26.05.2023 | Nopeschfest | | |
| 03.06.2023 | Bal | Jeunesse Geisdref/Boukels | Loubau Boukels |
| 03.06.2023 | Hämmelsmarsch Boukels | Entente Geisdref | Duerf Boukels |
| 04.06.2023 | Portugisesche Nomëtteg | Coin du Terre | Sall Nacher |
| 04.06.2023 | Kirmes Boukels | Duerf Boukels | |
| 11.06.2023 | Wahlsonndig | Entente Geisdref | Sall Géisdref |
| 11.06.2023 | Mammendag / Mass | Coin de Terre | Kiirch |
| 23.06.2023 | Nationalfeierdag | Gemeng Geisdref | Préau Dol |
| 02.07.2023 | Botz-Aktioun | Kulturkommissioun | |
| 09.07.2023 | Familljendag | Sängerfrenn Caecilia Gemeng | Sall Dol |
| 14.07.2023 | Grillowend | Jeunesse Dol | beim Preo zu Dol |
| 29.07.2023 | Velosummer | Gemeng Geisdref | |
| 30.07.2023 | Velosummer | Gemeng Geisdref | |
| 06.08.2023 | Grillmëtteg | Jeunesse Dol | beim Preo zu Dol |
| 15.08.2023 | Krautweschfeier | Coin de Terre | Sall Nacher |
| 18.08.2023 | Grillowend | Jeunesse Dol | beim Preo zu Dol |
| 19.08.2023 | Bal | Jeunesse Geisdref/Boukels | Sall Géisdref |
| 01.09.2023 | Grillowend | Jeunesse Dol | beim Preo zu Dol |
| 15.09.2023 | Grillowend | Jeunesse Dol | beim Preo zu Dol |
| 16.09.2023 | Hämmelsmarsch | Musik + Entente Geisdref | Duerf Géisdref |
| 16.09.2023 | Kirmesbal zu Geisdref | Entente Geisdref | Sall Géisdref |
| 17.09.2023 | Kirmes Geisdref | Duerf Geisdref | |
| 07.10.2023 | Motocross | Motorsport Club Ermsdorf | Motocross-Piste Boukels |
| 08.10.2023 | Motocross | Motorsport Club Ermsdorf | Motocross-Piste Boukels |
| 14.10.2023 | Motocross | Motorsport Club Ermsdorf | Motocross-Piste Boukels |
| 14.10.2023 | Hämmelsmarsch | Musik Gemeng Geisdref | Duerf Bidscht |
| 15.10.2023 | Motocross | Motorsport Club Ermsdorf | Motocross-Piste Boukels |
| 15.10.2023 | Kirmes Bidscht | | Duerf Bidscht |
| 15.10.2023 | Traipennomëtteg | Jeuesse Géisdref + Vältesfrënn | Sall Géisdref |
| 12.11.2023 | Hierkefest | Coin du Terre | Sall Nacher |
| 18.11.2023 | Beaujolais | Jeunesse Dol | Sall Nacher |
| 07.12.2023 | Adventsnomettig | Fraen + Mamen | Sall Nacher |
| 15.12.2023 | Adventsveillée | Vältesfrenn Boukels | An der Scheiferich zu Boukels |
| 17.12.2023 | Adventsveillée | Sängerfrenn Caecilia | Sall Nacher |

Dead-Line fir d'Material vun der 2. Editioun 2023 vun der Géisdrefer Lanter ass den 29. September 2023.

Mir halen eis selbstverständlech, als Editeur responsable, d'Recht vir, Texter ze reformuléieren, ze kierzen oder Passagen ze sträichen.

Setzt Iech un Är Tastatur, huelt de Fotoapparat an d'Hand a schéisst lass.

Merci fir Är Mathëllef.

communication@goesdorf.lu

Fotoquiz Deel 2

# WÉI GUTT KENNT DIR ÄR GEMENG?

Mir gratuléieren alle Participanten déi un der leschter Editioun vum Foto-Quiz deelgeholl hunn! Et koumen eng ganz Rëtsch richteg Äntwerten eran, an d'Lous huet de Gewënner missen definéieren.

E grousse Bravo un den Tom Peiffer, deen de flotte Set vu Lanteren huet dierfe mat heem huelen!

Elo kënnt Dir Äert Gléck nach emol versichen.

Mir hunn nei Fotoen zesumme gesicht, a wëlle rëm vun Iech wëssen, wou des geknipst goufen.

Op der leschter Säit fannt Dir de Formulaire, fëllt Är Äntwerten aus, a schéckt eis en zréck bis de 5. Juni 2023.

Wa méi richteg Äntwerten era kommen, entscheet erëm d'Lous.






**Den 1. Präis ass nees e flotte Set vu Lanteren vun der Käerzefabrik.**

**Vill Spaass beim sichen a roden!**




1




2



3



4


5

## Äntwerten Editioun 2022-1


1


4


5


2


3


6

Foto 1: Géisdref, op der Minn
Foto 2: Jaasmännchen, Bouckels

Foto 3: Hotel Dirbech Plage
Foto 4: Nacher -> Dol Duerfstrooss

Foto 5: Dol, Waassertuerm
Foto 6: Däiwelslee, N27

# RÈGLEMENT CONCERNANT LES MODALITÉS DE PARTICIPATION AU CONCOURS DÉNOMMÉ « FOTO-QUIZ »

Ce jeu-concours est organisé par l'administration communale de Goesdorf établi à L-9653 Goesdorf, 1, op der Driicht, représenté par son collège des bourgmestre et échevins actuellement en fonctions.
Est mis en jeu un cadeau d'une valeur maximale de 150€.
Ce concours gratuit est ouvert à toute personne physique majeure, excepté les organisateurs, les membres du jury et leurs familles jusqu'au premier degré inclus.
Une seule participation par personne et par jeu-concours est autorisée.

Conformément à la législation en matière à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement de données à caractère personnel, les données à caractère personnel que les participants communiqueront à l'administration communale lors de leur participation aux jeu-concours font l'objet d'un traitement par l'administration communale afin de permettre la sélection des gagnants.

Les données à caractère personnel sont notamment traitées par les agents de l'administration communale chargés de l'organisation du jeu-concours.

Le nom du gagnant pourra être publié sur le site Internet de la commune ou/et dans la prochaine édition de la Géisdrefer Lanter.

Le gain offert ne peut donner lieu à aucune contestation ni quant à sa nature, ni quant à une demande d'échange ou de contre-valeur en espèces, ni quant à toute autre sorte de demande.
Aucune responsabilité n'incombe à la commune, notamment dans les cas suivants :

- En cas d'annulation, de report du jeu-concours ou de limitation de la période de participation au jeu-concours ;
- En cas d'éventuel dysfonctionnement dans le déroulement du jeu-concours

Les décisions du jury ne peuvent pas être contestées.
Au cas où plusieurs réponses exactes parviennent à la commune, les responsables détermineront le gagnant par tirage au sort.

**La participation au concours implique l'acceptation du présent règlement.**

## FORMULAIRE

Numm: ........................................ Virnumm: ........................................

Adresse: ........................................................................................

Mail: ........................................ Telefonsnummer: ..............................

Är Äntwerten :

Foto 1: ........................................ Foto 4: ........................................

Foto 2: ........................................ Foto 5: ........................................

Foto 3: ........................................

GOESDORF
Gemeng Géisdref

Un d'Gemeng zeréckschécken, per Mail: communication@goesdorf.lu oder per Courrier un 1, op der Driicht L-9653 Goesdorf, **bis spéitstens de 5. Juni 2023**.

# FOTO-REPORTAGEN

## CHRËSCHTVEILLÉE BOUKELS




















# LIICHTMESSDAG A FETTENDONNESCHDEN

D'Kanner si fir Liichtmëssdag duerch d'Dierfer gezunn an hunn fläisseg gesongen a gesammelt.

Och de 16. Februar sinn d'Kanner vun Haus zu Haus gespronge fir de Leit Gléck an d'Haus ze wënsche mee awer och fir déi faasicht Sprooden eraus ze kréien.

Eng ganz Réi Sue sinn hei zesumme komm, a goufe gespent:

Nacherstrooss: 460.-€
Chaîne de l'Espoir fir Hörgeräter fir d'Kanner am Sénégal ze kafen

Nacher: 860.-€
Médecins sans frontières fir de Leit an der Tierkei an a Syrien nom Äerdbiewe kënnen ze hëllefen.

# BUERGBRENNEN







# HOBBYMOART









# GENERALVERSAMMLUNG AMIPERAS





# GLÜHWÄIN-AKTIOUN





D'Kulturkommissioun Géisdref seet en décke Merci u Jidderee fir déi flott Momenter an eisen Dierfer bei der Glühwäin-Aktioun dem 17.12.2022.

Momenter ënner Noperen, Bekannten, Frënn a Famill sinn déi schéinsten Zäit.

# RÉCKBLÉCK OP D'GROUSS BOTZ 2023





GOESDORF
Gemeng Géisdref
Hei wëll ech bleiwen!